Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

# TKS Sitzung vum 8. Abrëll 2025

| | | | |
|---|---|---|---|
| **Steve Blasen exc.** | **Steve Degano** | **Claude Ernst** | **Jean-Marc Hoffmann** |
| **Christiane Huberty** | **Uwe Jakoby** | **Gilles Mores exc.** | **Jos Neuberg exc.** |
| **Patrick Molitor exc.** | **Thill Jean-Jacques** | | |

## 1. Ekippechampionnat

Alles leeft normal.

An der Éierepromotioun huet de KSC Bourscheid B géint de KSC Bourscheid C 0:5 verluer. Duerch esou Resultater kéint d'Diskussioun nees opkommen, op et soll erlabt sinn mat 2 Ekippe vun engem Veräin an enger Divisioun ze spillen.

## 2. Eenzel- an Tandemmeeschterschaften

Planning fir d'Opschreiwen:

- 16/04 ab 15:00 Jacques, JM, Steve, Marc, Gilles, Claude
- 24/04 ab 15:00 JM, Claude, Huby, Steve Jacques, Marc

Bei den Hären A woaren 13 Leit ugemellt, 4 falen ewesch. Et gëtt awer eng Halleffinal gespillt, well d'Umeldungen entscheedent sinn.

De Chris Fuchs ass de 7. Abrëll net ugetrueden. Hién huet den 8. Abrëll eng Mail geschéckt, wou hién sech entschëllegt mat der Erklärung, dass hién méi lang op der Schaff woar (bis 19:30, säi Start woar um 19:00 virgesinn) an doduerch säi Start vergiess hat. Hié kann op engem aneren Dag spillen.

De Yannick Scheer ass och net ugetrueden. Den Uwe hat hién de leschte Mëttwoch drops ugeschwat, wou hién mëetes gewiecht wier. Hié sot hién hätt geschafft a géif dem Claude en Donneschdeg dem Claude uruffen. Dat ass awer bis haut nach net geschitt. Domat ass dat eng onentschëllegt Absence.

D'Medaille musse bei Gravolux bestallt ginn. Bei dëser Geleeënheet ginn och d'Coupe fir den LN-Cup a fir d'Championnat bestallt.

**Partenaires de la F.L.Q.**

LOTERIE NATIONALE
hummel
www.lupa69.com
WILWERT
depuis 1952

52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

## 3. Referendum iwwer d'Reglement

Di virgeschloen Ännerungen sinn den 9. März un d'Veräiner verschéckt ginn.

Hei nach eng Kéier eng Kuerzfaassung:

Bieles 2000: Tandem ofschafen. 1. Zousazpunkt dann bei 15, den 2. bei 17 Punkten.
Bieles 2000: Getrennten Ofstëmmung pro Divisioun sollte méiglech sinn
KSC Bourscheid: Umeldung bis 30. Juni (statt 20. Juni)
KSC Bourscheid: 6 Ekippen, keng Duebbelronn, eventuell Play-off
KSC Bourscheid: Wiesselspiller sollen no 3 Mätscher uewen festgespillt sinn (esou wéi et virdrunn woar)
KSC Bourscheid: Tandem duerch Team-Duebbel ersetzen. Punktesystem dann wéi an der Damme-Bundesliga
KSC Bourscheid: LN-Cup Verlousung direkt am Ufank vun der Saison fir méi Zäit ze garantéieren
KSC Diddeleng: Tandem ofschafen an mat 6 Eenzel spillen. Zousazpunkten diskutéieren
KSC Diddeleng: Divisiounen mat 8 Ekippen, 2 steigen, 2 falen
TKS: Auswiesselklausel ofschafen
Ennescht Divisioun: et sollt erlabt ginn mat 14. Klatzen ze spillen (ouni Duerchleefer)
Eenzel Hären B gëtt embenannt an Hären-FLQ so dass et net zu Verwiesselungen mat de Senioren soll kommen.

De Referendum ass de Freiden 25. Abrëll um 19:00 zu Péiteng. Punkt fir Punkt soll ofgestëmmt ginn. Dobäi huet all Veräin 2 Stëmmen. Pro Zousätzlech Ekipp kënnt dann eng Stëmm derbäi. Eng Ännerung gëtt nëmmen dann ugeholl, wa si méi ewéi 50% vu de Stëmme kritt, soss bleiwt et bei der aktueller Regelung. Wann d'Veräiner all do sinn, hu mär am Ganzen 24 Stëmmen. E Virschlag brauch also 13 Stëmmen.

## 4. LN-Cup

Leeft alles normal.

## 5. Jugend-WM

Eventuell e COSL-Bus ufroen.
D'Umeldung ass gemeet.
D'namentlech Meldung muss bis spéitstens den 1. Juli 2025 gemach ginn.
Luca Wolter, Jerry Welter, Luca Jungers a Kim Poorters.
Begleeder: Gilles Mores, Alain Blasen a de Patrick Molitor ?

Partenaires de la F.L.Q.
LOTERIE NATIONALE
hummel www.lupa69.com
WILWERT depuis 1952

52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

Tandem männlich, Tandem weiblich an Tandem Mixed (3 pro Natioun)
Team Doppel Mixed (6 pro Natioun)
Kombisprint Mixed (4 min pro Natioun)
Mannschaft Mixed

### 6. Duathlon

D'Carol, den Alain an de Vic vun der TKN sinn an dëser Sitzung derbäi.
Den Duathlon ass de 27. Abrëll. Fir ze hëllefen si 4 Leit vun der TKN derbäi.
D'Ausschreiwung fir d'Umeldung bis den 31. März ass am aktuellen Keelebuet.
D'Reglement gouf duerchdiskutéiert a gëtt demnext um Site an iwwer FB publizéiert.
Koordinatioun: Huby. 16 Medaillen, Blummen, Brasserie, Flyer, 1.Hëllef (Schlëssel).
D'Tribün gëtt net erausgezunn.
Mär mache keng Demande op der Gemeng fir de Parking ze reservéieren, vu dass et Sonndes méi roueg ass.
Et gëtt nach en Test gemach op de Beamer fonktionnéiert. (Mettwoch de 16. Abrëll an Nomëtten).
Fir d'Opschreiwe gëtt, esou wéi beim Sprint, mat Fiche geschafft.
D'Carol an de Vic machen d'Kees.
Den Éirewäin soll hannert der Bunn 1 oggeriicht ginn. Als Agape gëtt et nëmme Pizza.

### 7. Verschiddenes

- Internationales: WC Sao Paulo woar d'Resultat dat, wat erwoard woar. D'Partizipatioun ass awer haptsächlech bei de Brasilianer gudd ukomm a respektéiert ginn. Heiheem woare leider e puer Leit der Meenung, dass dëst eng Blamage fir de lëtzebuerger Keelesport woar. Esou eng Meenung ass schued fir di Aktiv, di aus hirer eegener Täsch genuch Geld hu misse bäileeën. Et gëtt och nach den olympesche Gedanken.

- Den nexten WC zu Dampicourt wäert mat 1 Ekipp pro Natioun gespillt ginn

- Organisatioun v un den Oarbechten un de Bunnen: Ënnerlage fir de Jacques. Hién géif sech och em den Opbau vun engem Ersatzdeellager bekëmmeren.

- Training Péiteng: am nexten CA gëtt nach eng Kéier iwwer d'Zäiten diskutéiert.

- Integratioun vum QC Dampicourt (4 Ekippen). Dobäi sinn och 2 U24-Spillerinnen. Et mecht Sënn ofzewoarden, wat am Referendum entscheed gëtt.

- Accès zum 1.Hëllef-Raum vun der Hal. Den Uwe freet um Büro no.

- D'Doris Melo mellt sech aus dem Kader of.

**Di next Sitzung ass den Denschdeg 29.Abrëll um 17:00 beim Kueb zu Steebrécken.**

**Mat beschte Gréiss**

**Jean-Marc**